- Il y a lieu d'assurer que la politique de protection des données n'entrave pas l'échange d'informations importantes et nécessaires entre professionnels.
- La pratique de journées d'échange entre office social et partenaires doit être développée.
- Une personne de référence spécifique pour les contacts directs dans d'autres administrations faciliterait l'échange.

3 UN TROISIÈME BLOC DE CONCLUSIONS ET RECOMMANDATIONS RÉSULTANT DES ATELIERS SE CONCENTRAIT SUR LES MISSIONS DE L'OFFICE SOCIAL CONTEMPORAIN ET LA COHÉSION SOCIALE

a. Comment pouvons-nous améliorer l'accès aux infrastructures (écoles, crèches, associations, etc.) pour les clients de l'office social ?

- La journée d'accueil et d'orientation pour tous les habitants de la commune devrait présenter la mission de l'office social.
- La mission de l'office social peut être présentée dans les écoles, maisons relais, crèches, clubs et associations. (p. ex. pause-café)
- Est-ce qu'un lien ou formulaire en ligne est utile pour faciliter l'entrée en contact avec l'office social ?
- Les informations présentées par la commune dans le bulletin communal peuvent comporter des informations sur l'aide sociale de l'office social et d'autres associations locales.
- Il y a lieu d'améliorer les pages Web communales avec des informations claires en langage simple.
- D'autres instruments peuvent être des dépliants présentant les services existants envoyés aux ménages, des portes ouvertes.

- Réaliser plus de visibilité de l'office social pour les nouveaux arrivants par l'affichage du logo de l'office social visible pour le public.
- Est-ce que la création d'une Maison sociale est un outil ?

b. Comment pouvons-nous garantir que nos missions soient bien comprises et visibles pour le grand public et d'autres partenaires ?

- Il faut utiliser davantage les nouveaux modes de communication (vidéo, www).
- Il faut assurer l'accessibilité de l'information (par exemple, langage facile à lire ; plusieurs langues).
- A reprises régulières, il faut expliquer la mission de l'office social, et ce via la radio, les conférences, les nouveaux médias.
- C'est en développant une présence et une communication claire qu'il est possible de contrecarrer l'image stigmatisante de l'office social comme « bureau pour les pauvres ».
- L'unification du modus operandi de l'office social et la présentation transparente au public facilitent une meilleure compréhension de la mission de l'office social.
- Il faut sensibiliser les autres acteurs de terrain sur la mission de l'office social.
- Le contact direct avec d'autres acteurs sociaux leur fournit les informations afin qu'ils puissent comprendre notre mission (avec ses limites) et l'expliquer à leurs clients.



c. Comment pouvons-nous mieux adapter nos services aux besoins des clients ?


- Les retours fréquents des clients par formulaire ou interviews ou feed-back direct permettent de saisir la perception des points forts et faibles de l'action de l'office social.
- Il est utile de mettre en place l'accès aux informations, par exemple par un guide sur les services dans un langage facile à lire.
- Il faut identifier les besoins réels des clients pour mettre en place des offres adéquates (pas seulement individuellement).
- L'harmonisation de l'aide sociale signifie, du point de vue du client, qu'il doit être clair qui est responsable de quel domaine.
- La proximité (bureaux régionaux) assure l'accessibilité et l'accès aux services offerts par l'office social.
- La professionnalisation du travail social suppose la participation à des formations spécifiques sur les lois existantes et nouvelles.
- Il y a lieu d'ajuster les horaires d'ouverture des bureaux, notamment pour la population active.
- L'inclusion numérique exige l'accès à des modules de formation pour les offices sociaux et les bénéficiaires.
- Il faut organiser des réunions annuelles « plateforme d'échange ».
- Il y a lieu de recueillir les retours du personnel afin de détecter les points forts et faibles de l'action et de mettre en route des améliorations.
- Il faudrait assurer plus d'échanges avec les ministères. Faire remonter les expériences rencontrées sur le terrain par les assistants sociaux vers les politiciens et les ministères devrait enrichir la recherche de solutions.
- Il faut pousser la simplification des démarches administratives, puisque celles-ci peuvent constituer un énorme gâchis de ressources et devenir elles-mêmes le problème au lieu de servir de levier de solutions.
- Il y a lieu d'inviter régulièrement les communes/municipalités à faire un état des lieux des situations sociales.
- Une nouvelle pratique sociale serait d'impliquer les bénéficiaires dans le dialogue (par exemple, journée d'échange commune).




L'ÉVALUATION DE LA JOURNÉE

Un formulaire d'évaluation a été transmis aux participants afin de pouvoir évaluer l'impact de la Journée d'échange. Les retours étaient très favorables avec un taux de satisfaction de 91,7% des participants.


1. EN GÉNÉRAL, LA JOURNÉE A-T-ELLE RÉPONDU À VOS ATTENTES ?




JE REPRÉSENTE




2. DANS QUELLE MESURE ÊTES-VOUS SATISFAIT(E) DE LA DURÉE DE L'ÉVÉNEMENT ?




3. DANS QUELLE MESURE ÊTES-VOUS SATISFAIT(E) DU CHOIX DES SUJETS ABORDÉS DANS LA SESSION ACADÉMIQUE PENDANT LA MATINÉE ?




4. DANS QUELLE MESURE ÊTES-VOUS SATISFAIT(E) DES INTERVENANTS DE LA SESSION ACADÉMIQUE PENDANT LA MATINÉE ?




5. DANS QUELLE MESURE ÊTES-VOUS SATISFAIT(E) DES SUJETS ABORDÉS LORS DES ATELIERS PENDANT L'APRÈS-MIDI ?



6. DANS QUELLE MESURE ÊTES-VOUS SATISFAIT(E) DES FACILITATEURS DANS LES ATELIERS PENDANT L'APRÈS-MIDI ?



7. DANS QUELLE MESURE ÊTES-VOUS SATISFAIT(E) DU DÉROULEMENT ET DES SUJETS DE LA TABLE RONDE PENDANT L'APRÈS-MIDI ?



8. QUELS ONT ÉTÉ VOS 3 ACQUIS PERSONNELS LES PLUS IMPORTANTS SUITE À LA JOURNÉE ?

Pour la plupart des participants les 8 points suivants ont été les plus importants :

- la possibilité de s'échanger avec tous les acteurs du terrain (offices sociaux et communes)
- l'opportunité de nouer de nouveaux contacts
- le gain d'une vue d'ensemble sur le fonctionnement des différents offices sociaux à travers le pays
- le constat que la majorité des offices sociaux, même si leur fonctionnement diffère, se voient confrontés aux mêmes problèmes journaliers
- la prise de conscience sur l'historique du travail social au Luxembourg et la constatation que les problèmes d'antan étaient presque les mêmes que ceux d'aujourd'hui
- l'appréciation d'avoir eu la possibilité de s'échanger et de poser des questions directes aux deux ministres présentes
- une nouvelle perspective sur le travail de l'Ombudsman et les possibilités de collaboration avec elle
- l'observation que la pénurie de logements abordables est un des plus grands obstacles dans le travail social au Luxembourg.

« La compréhension de la diversité des OS, la prise de conscience de blocages administratifs et de la nécessité de bonnes connexions entre les acteurs sociaux. »

« La conférence de Mme Germaine Goetzinger était TRÈS intéressante! Les parallèles d'il y a environ 100 ans et d'aujourd'hui sont stupéfiantes. »

«Solidarité, Empathie et Écoute»

« J'ai trouvé intéressant que la journée s'était adressée à tout le personnel des OS: service social, secrétaires, ARIS, etc. Même des membres des conseils et des acteurs des communes ont été présents. »

« Chaque office social fonctionne de façon différente. Chaque office a les mêmes difficultés. La situation du logement est et va devenir le plus grand challenge. »

9. QUE PROPOSEZ-VOUS D'AMÉLIORER POUR LE PROCHAIN ÉVÈNEMENT ?

Quant aux propositions d'amélioration, les participants ont mis en avant les idées suivantes :

- une extension du temps pour les ateliers et la présentation des résultats des ateliers
- plus de temps pour les questions et réponses
- des ateliers plus créatifs et plus effectifs
- plus de formations spécifiques pour le secteur du travail social
- plus de temps pour les discussions avec les ministres présentes
- une répétition régulière de la Journée : marché du travail, logement abordable, système Osnet, etc.
- invitation d'autres ministres compétents comme le ministre du Logement et le ministre des Affaires étrangères et européennes

« Les propositions et thèmes des workshops n'ont pas été présentés. Juste une très petite partie et ceux présentés ne reflétaient pas l'importance du besoin de changement. »

« La présentation des propositions des groupes de travail des 3 ateliers ne me semblait pas très complète et un peu abrégée bien que ce fut la partie la plus importante de la journée. »

« Moyen d'échange après chaque intervenant. Il n'y avait pas moyen de poser de questions ou de réagir. »

« Prendre plus de temps pour les ateliers et surtout pour le bilan des ateliers. »

« Réflexion sur les possibilités de formations continues adaptées à notre secteur social. »

10. AUTRES SUGGESTIONS CONCERNANT L'ÉVÈNEMENT ?

Les suggestions complémentaires se résument comme suit :

- À RÉPÉTER !
- moins de sujets, mais alors quelques sujets plus en détail
- demander l'avis préalable concernant les sujets aux participants
- demander aux offices sociaux les problèmes rencontrés dans leur travail journalier
- organiser une table ronde avec les assistants sociaux de l'ARIS et des offices sociaux


LA “SOZIALENQUÊTE”

avec l'aimable autorisation de **Mme Germaine Goetzinger**



Aline Mayrisch-de Saint-Hubert
1974-1947

Präsidentin vom
Verein für die Interessen der
Frau



LA “SOZIALENQUÊTE”

avec l'aimable autorisation de Mme Germaine Goetzinger

D'Sozialenquête vun 1907. Eng Initiative vum Verein für die Interessen der Frau

1907 koom zu Lëtzebuerg en ongewéinlecht an erstaunlecht Bichelchen eraus. *Einiges über Wohnungsverhältnisse der ärmeren Arbeiterbevölkerung in Luxemburg.*¹ Ween elo gemengt huet, dat Buch géif op de Konto vun de Sozialisten goen, huet sech getäuscht. Herausgeber war de Verein für die Interessen der Frau an Zesummenaarbecht mam Verein für Volks- und Schulhygiene.

De Verein für die Interessen der Frau an de Verein für Volks- und Schulhygiene

Wat waren dat fir Veräiner a wat waren hir Ziler? De Verein für die Interessen der Frau, op franséisch *Association pour les intérêts de la femme*, war e ganz jonke Veräin, deen eréischt ee Joer virdrun, also 1906, gegrënnt gi war an deen sech fir d'Gläichberechtigung vun de Fraen agesat huet. En Haaptuleies vun deem neie Veräi war et, zu Lëtzebuerg e Meedercheslycée ze grënnen, deen de jonke Fraen den Zougang zu Universitëts-Studien erméigleche sollt, an domat zu den akademesche Beruffer, wéi Professesch, Affekotin, Apdiktesch oder Doktesch. Doderniewt huet de Veräin och am sozialen an am kulturelle Beräich geschafft. En huet zum Beispill e *Bureau de placement* gegrënnt fir Fraen, déi eng Plaz gesicht hunn a juristesche Consultatiounen ugebuede fir Fraen, déi en *Avis juridique* gebraucht hunn. Mat Virträg zu allgemengen Theme wéi Fraestëmmrecht, Bildungswiesen. Krankepfleeg a Couren iwwer Literatur- a Konschtgeschicht sollt den allgemenge Bildungsniveau vun de Frae gehewe ginn.

Präsidentin vum *Verein für die Interessen der Frau* war d'Aline Mayrisch – de Saint Hubert. Si war d'Fra vum Emil Mayrisch, dem Direkter vun der Diddelenger Schmelz a spéidere Generaldirekter vun der ARBED. Weider Comitësmembere waren d'Emma Weber-Brugmann, d'Fra vum Batty Weber, d'Eugénie Muller-Büch, d'Cecile Weber, d'Alice Crocius an Marie-Charlotte Thilges-Seefisch.

De *Verein für Volks- und Schulhygiene* war dräi Joer méi fréi, 1904, entstanen. Hie goug ervir aus der Gesellschaft der Naturfreunde an hat sech der Gesondheet, der Bekämpfung vun de Geschlechtskrankheeten an der Hygiène verschriwwen. Ee Schwéierpunkt vu sengen Aktivitéite louch an de Schoulen, wou fir gesondheetlech Froe sensibiliséiert sollt ginn.

Präsident vum *Verein für Volks- und Schulhygiene* wor den Dr. Ernest Feltgen vu Miersch, dee vu 1907-1917 Médecin directeur vum Thermalbad Mondorf war an de Veräin zesumme mat dem Dr. Edmond Klein an dem Oberinspekter Theodore Witry gegrënnt hat. Den Dokter Feltgen huet sech ënner anerem staark gemaach fir d'Schoulmedezin an d'Grënnung vu Crèchen hei am Land.

¹ Einiges über Wohnungsverhältnisse der ärmeren Arbeiterbevölkerung in Luxemburg. Zusammengestellt vom Vorstand des Vereines für die Interessen der Frau und hrsg. in Verbindung mit dem Verein für Volks- und Schulhygiene. Luxemburg: M. Huss, 1907.

DE VIRTRAG VUN DER ADELE SCHREIBER

An deem onscheinbare Bichelchen vun nëmme 15 Säite fanne mer d'Resultater vun enger Wunningsenquëte an der Stad Lëtzebuerg, déi d'Frae vum *Verein für die Interessen der Frau* 1907 duerchgefouert haten. Op d'Iddi waren se komm duerch e Virtrag vun der däitscher Fraerechtlerin Adele Schreiber, déi se agelueden haten, fir de 15. Mäerz 1907 am Festsall vum Athenäum eng Konferenz zum Thema *Kinderschutz-Mutterschutz* ze halen. An hirem Virtraghuet d'Adele Schreiber op den Zesammenhang vu Kannermesshandlung, Alkoholismus a Wunningsnout higewisen a sech staark gemaach fir e gesetzlech ofgesécherter Congé de maternité vu mindestens 6 Woche fir all Fra.

Nodeems si zwee Méint laang an der Stad bei der Famill Nathan-Reuter gewunnt hat a sech während dëser Zäit e Bild vun der Wunnings Situatioun zu Lëtzebuerg maache konnt, schreift sie de 15. Mee 1907 an der Frankfurter Zeitung en Artikel iwver Lëtzebuerg: *Licht- und Schattenbilder in einem Miniaturstaat. Doran heescht et: Die Haupt- und Residenzstadt Luxemburg zählt 23.000 Einwohner und besteht aus einer Oberwelt und einer Unterwelt. Letzteres ist nicht nur bildlich zu verstehen. Wohlstand und Armut, Sonne und Schatten, Bildung und Unwissenheit sind völlig greifbar getrennt und schon im äußeren Bilde der Stadt gekennzeichnet. [...] Oben die alte Stadt und die neuen, anmutigen Villenviertel, die Gärten und Parks, tief unten, zum Teil hineingedrängt in enge Schluchten, angeklebt an die steilen Felsen, oft hineingebaut bis in das gelbgraue Wasser der Alzette, wie die Häuser Venedigs in die Lagunen, steht ein Gewirr schmaler, zum Teil baufälliger Häuschen. [...]*

Seltsam [...] ist, dass man in dieser Unterwelt Dinge zu sehen bekommt, die sich getrost den traurigsten Bildern aus Ost-London an die Seite stellen lassen. [...] Das auffallende ist ein geradezu unbeschreibliches Wohnungselend doppelter Art. Schlimmer und unbegreiflicher als die Überfüllung ist der völlige Mangel an baupolizeilichen und hygienischen Vorkehrungen. Von jeder Wanderung durch die armen Quartiere im Abgrund kommt man mit Grauen im Herzen zurück.

D'WUNNINGSENQUËTE

Dat sinn haart Wieder, déi net nëmme d'Frae vum *Verein für die Interessen der Frau* opgerëselt hunn. Mat Initiativgeeschta a Courage hunn si decidéiert, dem Problem op de Fong ze goen a sech selwer e Bild vun der Situatioun ze maachen an empiresch Daten ze sammeln, déi si deene verantwortleche Politiker virleeë wollten. An der Comitéssitzung vum 16. Abrëll 1907, un deeër och d'Adele Schreiber deelgeholl huet, hunn si beschloss, eng Wunningsenquëte ze starten. De Modell fir esou eng Aarbecht hunn se an Ausland fonnt. Sou hat schon 1889 den däitschen Nationalökonom Karl Bücher eng *Étude* iwver d'Wunningsverhältnisser zu Basel gemaach an den éisträicheschen Ekonomist Eugen von Philippovich hat de Logement vu Wien ënnert d'Lupp geholl. Och an der Zäitschrëft *Frauenbewegung*, déi zu Lëtzebuerg souguer vun der Regierung gelies gouf, war d'Wunningsnout e rekurrenten Thema.

A klénge Gruppen vu jeeeweils zwou Fraen sinn se dunn erof an de Gronn, Clausen an an de Pafendall gaangen an hunn do **258** Wunnengen an **90** Haiser besicht, an deenen **1.216** Leit gelieft hunn, dovun **595** Kanner ënner 14 Joer. Dat waren 4,5 Prozent vun den Haiser aus der Stad a 5,6 Prozent vun den Awunner vun der Stad. Vun der Adele Schreiber haten si e Modell vun engem Fragebogen kritt, dee fir all Haushalt auszufüllen war.

Nach laang net jiddereen huet hir Aarbecht appreciéiert. Am *Luxemburger Wort* vum 16. Mee 1907 liese mer, et wier eng Onverschimmtheet, wat déi Dammen sech gelescht hätten, wéi se sech iwwer d'Wunnbedingungen informéiert hätten: *Im Stadtgrund erlaubten sich diese Leute Fragen, welche die Grenzen eines taktvollen Anstandes, für den jene Kreise so gerne das Monopol beanspruchen, weithin überschritten; im Pfaffental gerierten sie sich bei ihren Hausbesuchen als wirkliche Inquisitoren, die den Eigentümern mit polizeilicher Schärfe stramme Befehle über Wohnungshygiene diktieren wollten; hätten die Pfaffentaler nicht mehr Anstand gehabt als die Damen, so wären letztere einfach vor die Türe gesetzt worden. Es war bis heute dem hauptstädtischen Publikum unbekannt, daß die Wohnungs-Inspektion durch die Frauen des V. f. d. I. d. F. vorgenommen wird; auch möchten wir stark bezweifeln, ob die Hausbesitzer Pfaffentals sich durch jene Damen, deren aristokratische Existenzen in koquetten Villas großgezogen wurden, Vorschriften über die Größe und den Mietpreis ihrer Wohnungen aufkotroyieren lassen.* D'Madame Nathan-Reuter an d'Madame Eugénie Heintz goufen esouguer perséinlech ugegraff, sou dass decidéiert gouf, d'Enquête ofzebriechen. An deemAment waren allerdéngs genuch Informatiounen do, fir Resultater kënnen virzeleeën.

Bei hire Visitten hunn d'Frae vum Verein für die Interessen der Frau folgend Variablen erhuewen:

- Wéivill Persoune wunne pro Haus a pro Zëmmer?
- Wéivill Schléifer schlofen an engem Bett?
- Wéivill Loftraum steet pro Persoun zur Verfügung?
- Wéi ass de baulechen Zoustand vum Haus?
- Wéi vill Loyer mussen d'Leit fir d'Wunneng bezuelen?
- Wéivill Persoune benotzen eng Toilette?
- Wéi ass den hygieschen Zoustand vun den Toiletten?

No hire Visitten an de Virstied hunn d'Fraen déi gesammelt Donnéeë statistesch ausgewäert a mat konkrete Beispiller illustréiert.

D'RESULTATER

D'Resultater vun der Enquête si schockant a stinn an der Traditioun vun der Pauperismus-Etuden, wéi mir se aus dem Ausland kennen an déi der Fro noginn, wéi d'Industrialiséierung zur Veraarmung vun den ënneschte soziale Schichte bäidréit.

Hei d'Resultater:

- 21 Prozent vun den ënnersichte Wunneingen hunn aus engem eenzege Zëmmer bestanen, an deem gekacht, gewäsch, geschafft a geschlof gouf. Nëmmen 48.6 Prozent vun den Awunner haten eng Zweezëmmerwunneng. Ob Einzelzëmmer, Zweezëmmer - oder Dräizëmmerwunneng, si waren alleguer dramatesch iwwerbeluecht.
- Wann een de Critère vum Loftraum geholl huet, deen dem Einzelnen zur Verfügung steet, da gouf kloer, dass de Leit wéinst deenen iwwerfällte Raim déi néideg Loft zum Liewe gefeelt huet. An dat, obschonn d'Wëssenschaftler tèschent 20 an 45 cm³ Loft pro Persoun verlaangt hunn. Esouguer am Gronn hätten d'Prisonéier méi Loft zur Verfügung wéi d'Leit an de Wunnegen vun de Virstied, hunn d'Fraen an hirem Rapport notéiert.
- Fir 1.216 Mënsche stoungen an deenen ënnersichte Wunnenge 562 zweeschléifreg Better an 54 Kannerbetter zur Verfügung. Fir dass jiddereen e Leeër fonnt huet, hunn a ville Fäll 3-4 Leit an engem Bett geschlof.
- Trotz relativ héijem Loyer, dee 7-20% vum Akommes uitgemaach huet, ware vill Wunnegen an engem schlechten Zoustand. *Verfallen, schmutzig, Treppen lebensgefährlich, Jauche fließt im Hausflur, kein Zimmer bewohnbar. Bewurf fällt ab, Löcher von 0.50 qm² in der Decke, wo hindurch grosse Stücke Holz hindurchfallen*, huet et am Rapport geheescht. (S. 9) Besonnesch d'Trape goufen als liewensgefëerlech beschriwwen: Sie wieren an de Fiels gehaen, schmuel, géi, däischter a ganz oft baussent dem Haus, éischter eng Hingerleeder wéi eng Trap.
- Nach méi schlëmm huet et bei den Toiletten ausgesinn. 18% vun de besichte Wunnegen haten iwwerhaupt keng Toilette. Bei aneren Haiser gouf et eng kollektiv Toilette am Haff, déi vun méi Famille benotzt gouf, an dat konnten tèschent 30 a 50 Persoune sinn. An aneren Haiser gouf et eng Fosse am Keller oder am Haff, wat onweigerlech mat Gestank am Haus verbonne war. D'Fossen am Haff waren oft mat faule Brieder ofgedeckt, déi och emol nogi konnten a fir d'Kanner, déi do gespilt hunn, eng grouss Gefor waren. An da gouf et nach Haiser mat klengen Dëppercher un der Kichefëstere, déi e Rouer op d'Strooss haten an als Toilette benotzt goufen. Dass do Krankheeten net ausbliwwen sinn, läit op der Hand.

E besonnesch grave Mëssstand war déi héich Kannerstierflechkeet, déi och op déi ongesond Wunnverhältnisser zrëckzefëiere war. Op 501 Gebuerte koumen 1906 102 Stierffäll vu Kanner ënner engem Joer. 20% vun alle Kanner sinn deemno als Puppelche gestuerwen. *Wir constatierten Fälle, wo von 20 Kindern noch 5 am Leben sind, von 13 noch 5, von 13 noch 2, ja sogar von 10 noch ein einziges.* (S. 11)

Hei en anert Beispill: *Junges Ehepaar bewohnt ein kleines, niederes Zimmer, gesammelte Knochen und Lumpen liegen in dem einzigen Raum, ebenso der Hund und der Hundewagen. Es riecht zum Umfallen, Frau eben vom zweiten Wochenbett aufgestanden, das Kind starb beide Male nach der Geburt. (S. 11)*

A munche Beschreiwunge geet Rieds vun engem Hond a sengem Weenchen. Hondsdreck anzesammelen, war deemools eng beléifte Manéier, fir als Onqualifizéierte Geld ze verdéngen. Hondsdreck gouf nämlech an der Liederindustrie gebraucht, fir d'Lieder méll a geschmeideg ze maachen, an d'Nofro no Hondsdreck an den Händschfabriken am Gronn war grouss. Mat engem Weenchen, dee vun engem Hond gezu gouf, sinn d'Knollereefen, - sou goufen d'Hondsdrecksammler genannt - dann duerch d'ganz Stad gezunn an hunn agesammelt, wat d'Muppe vun de bessere Leit hannerlooss haten. Och Schanken a Lompe goufe gesammelt an zur Weiderverwärtung ofgeliiwert.

De Fall vun esou engem Hondsdrecksammler beschreiw de Schrëftsteller Joseph Funck a sengem Roman *Kleines Schicksal* vu 1934.² De Jim Steller, e Knollereefen aus dem Pafendall, gëtt an eng Klinik um Fëschmaart ageliwert, wou sech den Dokter Karl Emmel an de Kapp gesat huet, de Jim ze retten, aus him e propperen an ugepasste Gäertner ze maachen an hien aus dem Milieu vun do ënnen erauszehuelen. Émsoss! De Jim Steller gëtt säi Milieu net op a geet zréck an de Pafendall.

Fir hir Resultater nach méi anschaulech ze maachen, hunn d'Frae vum Verein für die Interessen der Frau hir Etude mat Fallbeispiller ofgeschloss, déi d'Nout vun de betroffenen Awunner konkret beschriwwen hunn. Hei zwee esou Beispiller:

BEISPILL 1:

Familie mit 8 Kindern bewohnt 1 Zimmer und 2 kleine Räume unter dem Dach. Eltern und die 2 kleinsten Kinder, 4 Monate und 2 Jahre, schlafen in dem Zimmer, in welchem gekocht, Wäsche gemacht, gewohnt wird. Windeln liegen umher, ein Rabe wohnt mit im Zimmer. In dem einen Dachzimmer schlafen 3 Knaben in einem Bett, einer davon ist epileptisch. Fenster von 0.50 qm, Bewurf fällt ab, Kinder sammeln Hundeexkreme für Gerberei. Eimer davon im Zimmer, entsetzlicher Geruch. Im anderen Zimmer schlafen 3 Mädchen auf dem Boden, kein Bett, ein Loch ohne Fenster zum Hereinlassen von Luft und Licht, mit Lumpen verhängt. Dach durchlöchert. S. 12-13)

BEISPILL 2:

In drei Zimmern hausen 10 Personen. Vater seit Jahren bettlägerig, die 8 Kinder schlafen je 4 in einem Zimmer und einem Bett. Der älteste ist lungenkrank. Haus an den Felsen angebaut, hat nur 3 Mauern; Treppe im Felsen ganz faul, Wasser tropft an den Felsen herunter; Betreten der Treppe lebensgefährlich. Kein Abort, Grube im Keller, schrecklicher Geruch. (S. 12)

² Funck, Joseph: *Kleines Schicksal*. Erzählung. [Luxembourg] Cahiers Luxembourgeois, 1934.

D'LEISUNGSVIRSCHLÉI

Fir d'Frae vum Verein für die Interessen der Frau waren d'Visitten an de Virstied an d'Resultater vun de Enquête e Schock. Fir déi meescht vun hinnen, déi aus der Bourgeoisie koumen, war dat den éischte Kontakt mat aarme Leit a schappege Wunnengen, an entsprechend entsat waren si iwwe eng sozial Realitéit, déi hinne bis dohi virenthale bliwwen war. D'Duechter vun der Madame Nathan-Reuter, déi ech vru Joren zu Paräis interviewe konnt, huet mer verzielt, hir Mamm wier reegelrecht erschüttert gewiescht, wann si vun hire Visitten an de Virstied heem komm ass.

Wie ist es möglich, dass das Bewohnen solcher Häuser erlaubt ist? Froen sech déi engagéiert Fraen a sichen no Méiglechkeete vun enger Verbesserung. (S. 12)

- E relativ einfacht Mëttel wier et, de Kanner d'Méiglechkeet ze bidden no der Schoul an e Kinderhort ze goen - haut géife mer soen an eng Maison relais. Do kéinten si hir Hausaufgabe maachen an ënnert der Opsicht vu gebilte Fraen dobaussen oder dobanne spillen a bréichten och net schaffen ze goen. *Diese Horte entreissen sie der Strasse, in welcher alle bösen Keime der Kinderseele sich so üppig entfalten, und auch der Heimarbeit, die ihre schwachen Kräfte zugrunde richtet.* (S. 13) Dat war gutt geduecht, awer zu deeër Zäit gouf et nach keng Kinderhorte. An der ganzer Stad gouf et just eng Crèche, déi vum Plateau Altmünster, déi 1898 gegrennt gi war.
- Vun Notze wier et och, wann d'Fraen an de kommunalen Aarmebüroe vertrauede wieren. 1908 huet de *Verein für die Interessen der Frau* eng Demande an deem Sënn un de Stater Gemengerot gericht. Déi awer gouf ofgeleent an d'Frae sinn just an deene sougenannte Wohltätigkeitsausschüssen akzeptéiert ginn. Do wieren si wichteg, well si hätten dat richtegt Geschéck, fir *verschämte Arme* ze identifizeieren an se dem Aarmebüro ze mellen. Verschämte Arme ware Leit, déi hier Aarmut verstoppt hunn an net zougi wollten, dat et hinnen un allem feelt. Nëmmen zu Diddeleng, wou d'Famill Mayrisch gewunnt huet, gouf d'Madame van Gogh-Meyer, an den Aarmebüro opgeholl. Och si war Member vum *Verein für die Interessen der Frau*.
- Da missten onbedéngt Sozialwunnenge gebaut ginn. Zwar hätt de Staat an dëser Fro villes ënnerrholl, awer et bléif bei engem flagrante Mangel u Wunnenge fir Aarbechter a kannerräich Familien. Ouni eng akzeptabel Wunneng, wier et onméiglech fir d'Aarbechterfraen, d'Wunneng propper an uerdentlech ze halen, et géif sech *keen Heimgefühl* a kee *Familiensinn* entwickeln. (S. 3) D'Kanner, déi vu klengem un a vill ze klenge Wunnengen opwuessen, wou ënner Ëmstänn och nach e Schlofgänger ënnerbruecht wier, géifen *die hässlichen Nachtseiten des Lebens* kenne léieren a wiere moralesch gefährdt. (S. 4)

D'Regierung soll sech w.e.g. am Ausland ëmkucken z. b. zu Léck, zu Frankfurt, zu Diddenewen oder zu Metz. *Die in England, Belgien, Frankreich und Deutschland gegründeten Baugenossenschaften, die aus Privatmitteln mit Hilfe des Staates und der Gemeinden grosse, gesunde, billige Arbeiterkolonien errichteten, haben überall die schönsten Resultate in gesundheitlicher und sittlicher Hinsicht zu verzeichnen.* (S. 14)

Et géif einfach net duergoen, de Wunnengsbau de Schmelzhären ze iwverloossen, déi am Minett Kolonie fir hir Aarbechter gebaut hunn, sou wéi 1874 zu Diddeleng an der Lachegeass, der Zoufftgengerstrooss. Och de Staat an d'Gemenge missten fir bezuelbare Wunnraum suergen. Dat kléngt erschreckend aktuell an erënnert un d'Diskussiounen an déi politesch Fuerderunge vun haut.

- Batter néideg wieren och *Mesure géint d'Tuberkulos, d'Krankheet par excellence* vun den aarme Leit. *Wenn in unserer Stadt eine Antituberkuloseliga ins Leben tritt, muss eine ausgedehnte Wohnungsreform sicher eine ihrer ersten Arbeiten bilden, da solche Wohnungen ja geradezu ideale Förderer der schrecklichen Volksseuche sind.* (S. 12)

Et war kloer, dass d'Fraen, déi jo kee Walrecht haten a vun all politescher Participatioun ausgeschloss waren, an dese gesellschaftspolitesche Froen kee Pouvoir haten. Awer de Fanger an d'Wonn leeën, dat konnten se. *Wenn nun wir Frauen auch das Wort in dieser Sache ergreifen, schreibt d'Aline Mayrisch, so geschieht es, um all denjenigen, die dem Wohnungselend bisher gleichgültig gegenüberstanden, durch Zahlen, die ja beredter sind als alle Worte, zu beweisen, dass hier Hilfe nottut, und zwar schnelle Hilfe; denn es handelt sich um Leben und Gesundheit von Frauen und von Kindern.* (S. 3)

Mee d'Aline Mayrisch huet méi wäit gesinn. Si hat erkannt, dass et zu Lëtzebuerg net méi duergéing mat der üblecher Charitéit a Wohltätegkeet, déi zum groussen Deel an den Hänn vun de reliése Kongregatioune louch. Fir eppes ze änneren, huet ee missen op de Wee vun enger konsequenter Professionaliséierung goen. Fir eng nohalteg gesondheetlech Preventioun ze garantéieren, huet een Dispensaire fir Puppelcher a longekrank Leit missen ariichten. Dofir huet d'Land ein neien Typ vu gutt ausgebildeten a kompetente weltlechen *infirmières visiteuses*, - haut géif ee soen *assistantes sociales* -, gebraucht, déi op den Terrain erausginn an den direkte Kontakt zu deene vulnerabele Leit sichen. An all gréisser Uertschaft vum Land sollten Dispensaires de *nourissons* ageriicht ginn, wou d'Mamme mat de *Bebés* higoen konnten, fir ze kucken, ob hiert Kand sech normal entwéckele géif. Op der Aline Mayrisch hir Initiative hin goufen eng ganz Rei vu jonke Fraen an d'Infirmièresschoul vun der Léonie Chaptal op Paräis oder aner Plazen am Ausland geschéckt, fir duerno an den Dispensairen zu Lëtzebuerg ze schaffen.

De Kader, an deem d'Aline Mayrisch dese sozialen Engagement realiséiere konnt, war awer net méi *de Verein für die Interessen der Frau*, mee d'*Croix-Rouge an d'Ligue luxembourgeoise contre la tuberculose*. Während d'*Croix rouge* eréischt 1914 beim Ausbroch vum Éischte Weltkrich gegrënnt gëtt, deemools als Hëllef fir déi vill däitsch a franséisch Krichsverwondter, gouf d'*Ligue luxembourgeoise contre la tuberculose* schon 1908 Realitéit. Grënnungsmember an éischte Präsident war den Dokter Ernest Feltgen, deeselwechten, deem mam Verein für Volks- und Schulhygiene d'Enquête vun 1907 ennerstézt a matdecidéiert hat, d'Bichelchen iwver d'Wunnungsverhältnisser net an der Zäitschrëft vum Veräin ze publizéieren, mee se als Separatdrock erauszeginn an se gratis un all Membere vun deenen zwee Veräiner ze verdeelen.

D'SCHLECHT WUNNENGEN ALS REKURRENTEN THEMA

Domat steet d'Wunnengenquête vum *Verein für die Interessen der Frau* um Ufank vun enger Traditioun vun empirischer Sozialfuerschung zu Lëtzebuerg. An hire Fußstapfen fanne mer ongeféier 60 Joer méi spéit e bësselchen onerwaart d'*Roud Wullmaus*, déi d'Thema vun de schlechte Wunnbedingungen opgegraff huet. Hei geet et allerdéngs net méi ëm d'Haiser aus de Virstied, mee ëm déi sougenannten Kaffiszëmmeren. Am Mëttelpunkt vun hire Recherchen awer stinn déiselwecht Froen, déi och 1907 d'Fraen gestallt hunn. *Das Haarlem Luxemburgs besteht nicht aus einem geschlossenen Viertel, schreiben d'Militante von der Wullmaus, sondern aus einer Reihe Mietskasernen für Fremdarbeiter, quer durch das Land verteilt. [...] einerseits sind sie heruntergekommen und menschenunwürdig, andererseits isolieren sie die Fremdarbeiter von der luxemburgischen Bevölkerung, insbesondere vom einheimischen Proletariat, und bringen den Vermietern daneben hohe Gewinne ein.*³

Trotz aller Differenz gëtt dëse Constat ze denken, well am Fong geholl de Problem deselwechte bliwwen ass, mat deem Ënnerscheid, dass elo déi schlecht an insaluber Wunnhaiser mat de ville Kaffiszëmmeren net méi vun der Lëtzebuenger Ënnerschicht, mee majoritär vu portugiseschen Aarbechter bewunnt sinn. Charakteristesesch ass och, dass an deenen zwee Fäll de Problem net am politesche Mainstream, mee duerch eng sozialengagéiert Initiativ um Rand thematiséiert gëtt.

FAZIT

Aus der Distanz vun haut gekuckt, muss ee soen, dass d'Fraen vum *Verein für die Interessen der Frau* gutt Aarbecht geleescht hunn. Si hunn e sachlechen, awer engagéierte Bericht iwwer d'Wunnungsverhältnisser geliwwert, deen operëseelt hunn. Vun deem Ament un, wou d'Resultater vun der Enquête verëffentlecht waren, konnt kee Politiker méi soen, doriwwer hätt hie näischt gewosst. Et gouf däitlech, dass déi al kierchlech gepräagte Charitéit vun enger staatlecher a kommunaler Wohlfahrt ofgeléist misst ginn. Zu dem Prozess huet d'Aline Mayrisch viles bäigedroen an sech op verschiddeenen Niveauen konsequent weider dofir agesat, dass sech d'Situatioun vun de Frae verbessert huet. Schued nëmmen, dass vill vun eisen Zäitgenossen näischt méi iwwer d'Aline Mayrisch an de *Verein für die Interessen der Frau* wëssen.

Germaine Goetzinger

Directrice honoraire du Centre national de littérature

³ Cf. Soisson, Robert ; /Gilbertz, André : 1970 – 2020. 50 Jahre „Ro'd Wullmaus“. Luxembourg ; [FGIL] 2021, S. 369.





ESCH-SUR-ALZETTE COM
MISSION CONSULTATIVE
S SANEM COMMUNE DE
UNE DE MERSCH OS STR
COMMUNE DE GARNICH C
STI **ENTENTE DES OFFIC**
COMMUNE DE PRÉIZERD
SC IEWESCHTE SYRDALL
TEINFORT COMMUNE DI
OFFICE NATIONAL D'INC
SC ECHTERNACH-ROSP
MMUNE DE DIPPACH MM
SC MAMER COMMUNE DI
MMUNE DE JUNGLINSTE
SPERANGE L'OMBUDSMA
VILLE DE LUXEMBOURG
SC GREVENMACHER CO
MUNE DE DUDELANGE C



ES SOCIAUX

R SYVICOL

OFFICES SOCIAUX LUXEMBOURG

	OSC Beaufort
	OSC Bettembourg-Frisange-Roeser
	OSC Ieweschte Syrdall
	OS Differdange
	OS Dudelange
	OSC Echternach-Rosport-Mompach
	OS Esch-sur-Alzette
	OSC Nordstad
	OSC Grevenmacher
	OS Hesperange
	OSC Resonord
	OSC Centrest
	OS Käerjeng
	OSC Kayl-Rumelange
	OSC Larochette
	OS Ville de Luxembourg
	OSC Mamer
	OSC Mersch
	OSC Mondercange
	OSC Mondorf-les-Bains-Dalheim
	OS Pétange
	OSC Réidener Kanton (OSCARE)
	OSC Remich
	OS Sanem
	OS Schifflange
	OSC Steinfort
	OSC Steinsel-Lorentzweiler (OSTELLO)
	OS Strassen
	OS Walferdange
	OSC Wiltz

GLOSSAIRE ABRÉVIATIONS

ADEM	Agence pour le Développement de l'emploi (administration sous tutelle du Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire (MTEESS))
 AIS	Agence Immobilière Sociale (Fondation pour l'accès au logement)
ARCUS	Kanner, Jugend a Famill asbl
ARIS	Agent régional d'inclusion sociale (Loi Revis)
CNDS	Comité national de défense sociale asbl
DPO	Data Protection Officer (Règlement général sur la protection des données)
EMI	Emploi d'insertion pour chômeurs de longue durée (Code du travail)
ETP	Equivalent temps plein
FNS	Fonds national de solidarité (Loi modifiée du 30 juillet 1960) – établissement public sous tutelle du ministère de la Famille et de l'Intégration
LEADER	Liaison entre Actions de Développement de l'Économie Rurale – programme de fonds européen (Ministère compétent : ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural)
LISKO	Lëtzebuerger Integratiouns- a Sozialkohäsiounscenter/Croix-Rouge
MIFA	Ministère de la Famille et de l'Intégration
ONE	Office National de l'Enfance (administration sous tutelle du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse)
ONIS	Office national d'inclusion sociale (administration sous tutelle du ministère de la Famille et de l'Intégration)
OS	Office social (communes avec 6.000 + habitants)
OSC	Office social commun (office social régional avec communes moins de 6.000 habitants par commune)
REVIS	Revenu d'inclusion sociale (Loi du 10 juillet 2018)
RGPD	Règlement général sur la protection des données
SCAS	Service central d'assistance sociale (Protection de la jeunesse - Justice)
TUC	Travaux d'utilité collective (mesure d'activation de l'Office national d'inclusion sociale (ONIS) - Loi Revis)

A PROPOS

EDITEUR

Entente des Offices Sociaux Asbl

23, Grand-Rue
L-4575 Differdange

**Syndicat des Villes et
Communes Luxembourgeoises**

3, rue Guido Oppenheim
L-2263 Luxembourg

T. (+352) 44 36 58 1
E. info@syvicol.lu
www.syvicol.lu

PHOTOS

Sources

SYVICOL
Adobe Stock

DESIGN

Ohjo Graphics

25a, route de l'Europe
L-5531 Remich

info@ohjo.lu
www.ohjo.lu

